



**HELPERKNAPP**  
Eng Gemeng mat Ausiicht

## Commission pour le développement durable et à l'énergie

Reunioun vum 6 Juli 2021

**Present:** Jean-Jacques BUTTEL, Philippe CHENNAUX, Pierre ESPEN, Marc FRANK, Claude HETTINGER, Carlo KOEPP (Iwwer Ecran), Patrick KRÄMER, Joske VOSMAN

**Entschëllegt:** Jacques HUSS, José FERNANDES, Ambros PORCSIN

**Absent:** Néant

**Bericht:** Carlo Koepp

---

### **1) Dagesuerdnung**

- Begréissung
- Remarquen zum leschte Rapport
- Presenzelëscht
- Subside Reglement (Reewaassertank, ...)
- Ëmwelt-Charta fir d' Veräiner
- Tour du Duerf (wat maache mir zousätzlech)
- Null-Offall Iddien sammelen
- Verschiddenes

**2) Rapporte** vum 6 Juli 2021 ass ouni Kommentar ugeholl ginn

### **3) Demissioun vum Alex Bertrand**

Mir hunn dem Alex seng Demissioun aus perséinlechen Grënn zur Kenntnis geholl, a mir soen Hiem häerzlech Merci fir seng gutt Mataarbecht all déi Zäit.

De Philippe stellt sech d' Fro ob mir mat eiser Aarbecht an der Kommissioun net efficace genuch sinn an net schell a genuch ëmsetzen?

Dobäi gouf awer vun Eenzelen preziséiert dat mir berodend agéieren. Den Patrick deelt dat mir eis och eegen Gedanken maachen sollen. Fir d' Ëmsetzung ass Gemeng mam Gemengerot, Gemengepersonal oder aner Instanzen zoustänneg.

Dat heescht am Resumé:

- mir stellen keng Fuerderungen.
- eis Aufgab ass op Ufroen vum Gemengerot eisen Avis ofzeginn ouni eis just doropper ze limitéieren ze mussen.
- mir versichen so gutt a esou schnell wéi méiglech eis Avisen, Virschléi an eegen Beiträg anzebréngen.
- mir kënnen eventuell ënnerstëtzen bei den Ëmsetzungen.

#### **4) Ëmwelt Charta**

D' Ëmwelt Charta fir Veräiner gouf de 17 Juni am Gemengerot diskutéiert an aus verschiddene Grënn an där Form net ugeholl ginn. Aus der Audio-Datei vun der Sëtzung, déi de Philippe eis geschéckt hat, hei als Extrait verschidden Meenungen an Aussoen déi gemaach goufen:

- Ze Virschrëftsméisseg, ze einfach, fir Kanner déi fir d'éischt an hirem Léiwen an Kolonie ginn, wéi z.B. mir dréien de Krunn zou. D' Gemeng soll fir d'éischt mam gudden Beispill virgoen, ier se den Aneren Virschrëfte mécht.
- Offall so wäit an der Réi, méi Plastiksgeschier ass zënter de 3 Juli verbueden, Upassung noutwenneg. An insgesamt misst d' Gemeng mol Virreider sinn, z.B. der Strategie "Null Offall Lëtzebuerg" bei ze trieden.
- Ze vill kondenséiert a net vollstänneg an den Informatiounen, d' Reparaturen sollen wem bei der Gemeng gemellt ginn?,.....
- Covoiturage ass als onglécklech empfongt ginn, besonnesch wéinst dem COVID-19, an awer och am allgemengen ënner dem Motto "Firwat mir an net déi Aner".
- Eng Charta besser mat Piktogrammen opbauen.
- Et ass awer och als gutt empfongt ginn fir eng Ëmwelt-Charta opzestellen, obwuel eenzel Gemengevertrieder mengen dat jiddereen haut schonn dat anhält wat an der virgeluechter Charta steet.
- Wier et net besser eng Charta fir Gemeng, Schuelen,.... ze maachen an net nëmmen fir d' Veräiner?
- Mir kënnen de Veräiner dat net imposéieren

Am Resumé, eise Projet vun der Charta fir Veräiner ass allgemeng am Gemengerot ofgeleent ginn. E puer Stëmme sot en wier e gudden Ufank an Ustouss. Et misst schnell eppes gemaach ginn, awer an Verbindung mat aneren Aktiounen a Richtlinnen vun der Gemeng. Gemeng sollt der Kommissioun jiddefalls merci soen dir d' Aarbecht an fir den Ustouss, am beschten schrëftlech. De Joske huet dat "schrëftlech" net gedeelt.

De Gros vun der Sëtzung huet dunn haaptsächlech ëm deen Punkt gedréint.

De Philipp huet dunn en erweiderten Package vu Moosnamen an d' Spill bruecht déi noutwenneg sinn a Verbindung mat de Klimaziler vun der Gemeng, an dem dann och eng Charta kann agebonne ginn. Hien zitéiert dunn wat do dran gehéiert:

- e Master-Plang fir Gebaier
- Allgemeng Direktiven
- e Klimamodell oder Leitbild vun der Gemeng
- d' Null Offallpolitik vun der Gemeng
- Benetzungshandbücher fir Gemeinschaftsinfrastrukturen
- Klimapakt 2.0
- Klima-Charta
- etc.

D' Memberen hunn déi Iddi gutt fonnt a approvéiert, mengen awer datt wäertvoll Zäit vergoen wäert ier all dës Projete fäerdeg sinn. De Philippe proposéiert a Flossdiagramm z' erstellen deen d' Situatioun resuméiert, an dee mir dann dem Gemengerot kënnen virleeën. Mir setzen duerfir eis Charta mol an de Standby, a sinn bereet bei eenzelen Punkten, wéi d' Leitbild, z' ënnerstëtzen.

Aner Bemierkungen zum Gesoten an der Gemengerotssëtzung:

- Charta war net als Reglement oder Virschreift geduecht mengt de Pierre, mee als Engagement datt d' Veräiner matdroen wa se d'accord sinn.
- Vill Veräiner hunn Kanner oder jonk Leit als Member an hiren Reien, déi wuel net mat enger Charta vertraut sinn, an dofir gouf se esou entwéckelt.
- D' Meenung datt d' Leit souwisou all Punkten vun der Charta duerchféieren, gëtt net gedeelt. E Beispill ass d' Téintener Schoul, wou d' Waasser vun enger defekter Toilette iwwer ee Joer gelaf ass ouni dat een et gemellt huet.

## **5) Klimapakt 2.0**

De Philippe informéiert iwwer den Klimapakt 2.0 an der Kontinuitéit vum éischten Klimapakt. Gemeng kritt mam Här Guy Schmidt vun Habscht een neien zougeuerdenten Beroder. Donieft kann Gemeng fir déi verschidden Themen Beräicher och op spezialiséiert Beroder zeréckgräifen. Fir déi 2 Berodungsaktivitéiten stinn jeeweils 200h zur Verfügung.

Virrangeg ginn puer Beräicher méi staark fokusséiert. Ënner anerem eng besser quantitativ Erfaassung vun den Resultater. Et geet net duer mam Engagement z.B. fir d' Photovoltaik, mee wichteg gëtt d' Ëmsetzung dovun fir Bewäertung.

Ausserdeem sollen D' Bierger méi staark bedeelegt ginn. A wéi enger Form ass mat dem neien Klima Beroder ze klären? D' Klima Team bleift weider bestoen, soll awer nei opgestallt ginn a weiderhin mat engem Schaffen als Member.

Nom Guy Schmidt mussen bis November mindestens 40% vum ale Katalog an den neien ëmgesat an zertifizéiert ginn fir weiderhin vun den staatlechen Subsiden ze profitéieren, déi soss graduell an den nächsten 2 Joer op null ginn wa mir net ufänken. Et handelt sech dobäi ëmmerhin ëm 45000 €.

**Wéinst der Urgence bis November, gouf an der Kommissioun dorops higewisen, dat een déi besteeënd Strukturen net ze staark soll veränneren fir vun den fréieren Knowhow net ze verléieren.**

## **6) Tour du Duerf 2021**

Gemeng ass ugemellt an d' Affiche vum Tour du Duerf erschénigt am nächsten Bued. Eis Kommissioun wëllt een gemeinsamen Vëlo -Tour proposéieren an huet dofir den 19 September als Datum proposéiert. Mir mussen nach Verschiddenes definéieren z.B. Startpunkt, Strooss an/oder VTT, asw.

## **7) Subsiden Reglement an Null Offall Politik**

Wéinst der knapper Zäit gouf dës Punkten op déi nächst Sëtzung verluecht

## **8) Divers**

De Claude huet d' Hënnsöffäll an Gespréich bruecht a sot datt e puer Gemengen Dreckskeëschtchen dacks voll sinn wéinst de Plastik Hënnsbeidelen. Wat kann een do maachen, och wéinst dem Plastik ? Aner Diskussiounspunkten dozou waren:

- wéi sinn d' Käschtchen fir Gemeng bis elo
- wéi sinn d' allgemeng Virschrëften
- gëtt et och Papéiersbeidelen an Verdeelerkëschtchen
- ass organeschen Offall. Éischer net wéinst méigleche Spuere vu Medikamenter am Hondsdreck

Mir sondéieren an der Kommissioun, an den **Joske sammelt Informatiounen iwwer Alternativen fir déi nächst Sëtzung.**

**Nächst Sëtzung:** Ech hat keen Datum opgeschriwwen, mengen awer de 7 September 2021 (schonn wéinst dem Tour du Duerf) um 19h30 an der Koll, ofhängeg vun eventuellen Covid Moosnamen.